



wäerte mer da sécherlech déi néideg Schrëtt ënnerhuelen.

An duerfir, mengen ech, an deem Sënn: Kommt, mir huelen eis nach déi kleng Zäit an da wäerte mer de Bilan maachen!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Wolter huet d'Wuert gefrot.

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Merci, Här President. Ech huelen d'Wuert dëse Moment als een, deen an den Diskussiounen 2012 derbäi war an dee sech och nach un 2002 kann erënnere an deen elo grad just de Finanzminister héieren huet, wéi esou oft, leider nëmmen den hallwe Saz soen. Well de System, wéi en 2002 agefouert ginn ass a wéi en 2012 verschäerft ginn ass, ass net e System gewiescht, fir eng Incitatioun ze bréngen, fir Leit op Lëtzebuerg ze bréngen, mä et war eng Incitatioun, fir Leit op Lëtzebuerg ze bréngen an duerno, an deene Joren duerno, um Wäertzouwuess vun hirem Betrieb sech kënnen ze bedeelegen.

Et war also ganz kloer eng Measure, déi keng Measure war um Niveau vum Revenu, mä et war eng Measure um Niveau vu Betriber, déi op Lëtzebuerg sollte kommen, déi sech hei zu Lëtzebuerg sollten etabléieren, a wou deejéinegen, deen dann op Lëtzebuerg sech physesch transferéiert huet mat sengem Betrieb a mat sengem Know-how, sollt no enger gewëssener Zäit, an deemools ass vu fënnef Joer, siwe Joer, néng Joer geschwat ginn, sollt also um Zouwuess vum Wäert vum Betrieb insofern bedeelegt ginn, dass en eng Steuer géif bezuelen, déi manner héich wär wéi den Impôt sur le revenu.

► **Une voix.**- Jo.

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech wëll dat wierklech soen, well hei Jenni a Menni matdiskutéiert...

(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Kollegen!

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Jo, jo. Ech hu just d'Impressioun, Här President, dass zwar all Mënsch dat dote weess, just dass an där leschter hallwer Stonn ausser mir keen dat doten esou erkläert huet.

(Interruptions diverses)

Neen, Dir wësst alles. Jo, jo. Ech kommen also, Här President...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Wolter, erkläert Dir weider!

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Entschëllegt, Här President, ech kommen dann erop.

► **Une voix.**- Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Andeem ech dem Här Ekonomiesminister Merci soe fir déi désobligeant Remarque, déi en elo gemaach huet. Jo, jo, gratis. Merci, Här Wirtschaftsminister.

Et muss ee sech also d'Froe stellen, déi mer eis 2012 gestallt hunn - och dat hätt den Här Bodry roueg kënnen soen -, jo, well mir hunn eis 2012 zesummegesat a mir hunn eis d'Fro gestallt, ob de System, deen 2002... An zu deem System stinn ech haut nach!

Ech stinn zu deem System och haut, dass, wann s de Leit hues, déi op Lëtzebuerg kommen, déi Betriber bréngen, déi näischt wäert sinn - näischt ass net pejorativ -, mä an deem Moment nach näischt wäert sinn an déi duerch hir Aktivitéit hei zu Lëtzebuerg e Wäertzouwuess kréien, déi Leit astellen, wou Steiere bezuelt ginn, an et kënnert herno zu enger Resolutioun oder zu engem Weiderverkauf, wéi och ëmmer, vum Betrieb, dass een deenen um Niveau vun de Steieren d'Méiglechkeet gëtt - fir Lëtzebuerg attraktiv ze maachen -, soen ech lech, geschitt weltwäit. Weltwäit!

► **Une voix.**- Mä Dir...

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Et ass de System, entschëllegt, et ass de System vum Silicon Valley eigentlech kopéiert, do stinn ech dozou. Mä dass et eng Measure ginn ass, wou entretemps no sechs Méint d'Leit - no sechs Méint! -, d'Leit, opgrond vun enger Circulaire, hir Pai sech modelliséieren, fannen ech net méi normal. Dat hunn ech 2012 schonn net méi normal fonnt.

(Interruption par M. Alex Bodry)

Jo! An dunn ass et vu 7% op 17% an d'Luucht gaangen, hutt Der selwer gesot. Also, et ass eng éischt Korrektur komm.

Sot also net, et wär 14, 16, 20 Joer näischt geschitt. Et ass 2012 eppes geschitt. A mir sinn der Meenung...

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Ech hu guer net gesot...

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Neen, neen! Ech hu par rapport zu Leit rasonéiert, déi hei gesot hunn: „Dir hat 15, 16 Joer Zäit, fir et ze maachen.“ Mir hunn...

► **M. Eugène Berger (DP).**- Dat hunn ech net gesot.

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Mir hunn 2012 - Här Bodry, do si mir zwee eis eens, et ware véier Leit derbäi, déi dat diskutéiert hunn -, mir hunn 2012 gesot, mir änneren dat, andeem mer zumindest elo emol eropginn op 17% an da kucke mer. Or, elo si mer véier Joer hannendrun (veuillez lire: duerno/méi spéit).

A wann ech awer matkréien am Circuit, ganz éierlech, dass domadder hauséiert gëtt, dass Études d'avocats hire Betribssystem änneren, dass déi sech als Gesellschaften constituéieren, fir dass d'Leit no sechs Méint kënnen e gudden Deel vun hirem Pai - bis zu zwee Drëttel vun hirem Pai, gëtt mer gesot - iwwert deen heite System ofsetzen, an nach en Drëttel vum System eigentlech iwwer eng normal Pai, dass de fixen Deel vun der Pai a gewëssene Banken nach en Drëttel oder e Véierel vum System ausmécht, an deen heite System eigentlech dräi Véierels vun der Pai ausmécht, da kënnert Der de Spëtze-steiersaz op 60% setzen.

Wann 80% vun deene Leit, ëm déi et geet, eigentlech op deem Deel, wou se sollten 42% an 43% Steiere bezuelen, nëmme 17% Steiere bezuelen, fannen ech perséinlech dat, an elo kënnert Der honnertmol jäizen, fannen ech dat onmoralesch!

► **Plusieurs voix.**- Dir net eleng!

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech fannen et ongerecht an ech sinn net deen Eenzege, Här Bodry!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Net momentan elo. Dir...

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Ech si wierklech net deen Eenzege. Ech soe just, an ech sinn och nach domadder d'accord, dass den Här Finanzminister nach e Joer brauch...

► **Une voix.**- Voilà!

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Selbstverständlech!

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Mä et kann net sinn - et kann net sinn! -, a wa mer eis dorüwer eens sinn, dann ass alles an der Rei.

(Brouhaha général)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dat konnt och scho viru véier Joer net sinn!

(Brouhaha général)

► **Une voix.**- Ass dat elo dem Här Wolter seng Meenung eleng, oder wéi?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Also, mir hunn am Moment eng Motioun virleien...

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat hei ass kee Vott iwwert d'Vergaangenheet, dat hei ass e Vott iwwert d'Zukunft!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mir hunn eng Motioun virleien, wou d'Chamber sech net schéngt eens ze sinn. Mä beim Prinzip schéngt se sech awer vill méi no ze kommen. Ech géif duerfir proposéieren, dass mer elo emol iwwert déi Motioun ofstëmme an da kucken, wéi mer Eenegkeet kënnen fannen, fir Saachen ze verhënnere, wou jiddweree schéngt der Meenung ze sinn, dass déi net an der Rei sinn.

Voilà! Da géife mer elo emol iwwert d'Motioun 1 ofstëmme.

Vote sur la motion 1

Dir sidd méi séier wéi ech. D'Ofstëmmung ass amgaangen. Elo sti mer bei 59. Kréie mer nach dee 60ten? Jo, mir hunn en.

Also 60-mol ofgestëmmt: 28-mol Jo, 32-mol Neen. An ni ware mer esou no beieneen.

Voilà! Dat gesot, ass d'Motioun 1 awer trotzdeem ofgeleent.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

A mer géife bei déi zweet Motioun kommen, déi de Corollaire ass vum Amendement, wann ee kee Steuerabatement gëtt fir d'Mobilité douce oder durable, da wëllt een dat ersetzen duerch eng direkt Subventionéierung. Dat ass den Enjeu vun der Motioun.

Wie mat der Motioun d'accord ass, stëmmt mat Jo, a wien net, mat Neen.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmme. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 26-mol Jo, 32-mol Neen an 2 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Wëllt een d'Abstentioun motivéieren.

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da si mer um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert d'Steierreform ukomm an ech soen lech alleguer Merci fir déi gutt an intensiv Diskussiounen an och fir déi responsabel Aart a Weis, wéi mer iwwer large Strecke mateneen eens gi sinn.

Kolleegen, et ass net esou oft, wou mer hei an eisem Parlament op Englesch eriwwerwieselen.

3. Allocution de M. le Président à l'occasion de la visite officielle de SE M. Ivan Brajović, Président du Parlement de la République du Monténégro

Dear colleagues, I have the pleasure and the honour of welcoming on the visitors' gallery his Excellency...

Wann ech gelift, Kolleegen, bleibt heibannen oder gitt eraus!

► **Une voix.**- Très bien!

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- I have the pleasure and the honour of welcoming on the visitors' gallery his Excellency Mr Ivan Brajović, speaker of the parliament of the Republic of Montenegro, and his Excellency...

(Applaudissement)

...Mr Ambassador Vladimir Radulović as well as their delegation.

Montenegro is a young republic with approximately the same population as Luxembourg, with a little bit more inhabitants. They are about 600.000 souls, and former Montenegrin countrymen represent a strong community of more or less 8.000 people in Luxembourg.

Dear speaker, you have come to our parliament to assist the debate and the vote concerning the accession of Montenegro to the NATO. Your presence, dear colleague, underlines the importance your country attaches to this agreement and to possible future agreements with the European Union. We understand your interest because your country has been struck some 20 years ago by a civil war. So it's important for us, who have been lucky not to be liv-

ing in a war situation for almost 80 years, to learn from your experience and to tell our younger people that peace is not given, but we have to fight for it every day and to make all efforts to cease war in each part of the world.

Thank you for coming.

And now the floor is um Claudia Dall'Agnol, fir de Rapport zum Projet de loi 7029 iwwert de Bäitrëtt vu Montenegro an d'NATO ze realiséieren. Madamm Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

4. 7029 - Projet de loi portant approbation du Protocole au Traité de l'Atlantique Nord sur l'accession du Monténégro, signé à Bruxelles, le 19 mai 2016

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Thank you, Mr Chairman. Här President, léif Invitéen, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de President huet dat a senger Einleitung richteg gesot: Bei dësem Projet geet et ëm de Bäitrëtt vu Montenegro an d'NATO.

Ech wollt lech e puer Wuert zur NATO-Erweiderung soen. Dir wësst, dass bei der NATO de Prinzip vun der Ouverture e fundamentaalt Element ass aus dem Traité vu Washington, dem Grënnungstraité vun der NATO also. Sain Artikel 10, dee seet, an ech zitéieren deen elo: «Les parties peuvent, par accord unanime, inviter à accéder au traité tout autre État européen susceptible de favoriser le développement des principes du présent traité et de contribuer à la sécurité de la région de l'Atlantique Nord. Tout État ainsi invité peut devenir partie au traité.» Enn vum Zitat.

Am Dezember 2015 ass duerch eng gemeinsamen Deklaratioun vun den Ausseministèren dëse Prinzip nach eemol réaffirméiert ginn. Dat ass dann elo déi siwente Kéier, wou d'Zuel vun den NATO-Memberlänner méi grouss gëtt.

No der Grënnung vun 1949 ass se déi éischte Kéier erweidert ginn 1952, wou Griichenland an d'Türkei bäigetritt sinn, 1955 d'Bundesrepublik Däitschland, 1982 Spuenien, 1999 déi Tschechesch Republik, Ungarn a Polen, 2004 Bulgarien, Estland, Lettland, Litauen, Rumänien, Slowenien an d'Slowakei. An zu gudder Lescht sinn 2009 nach Albanien a Kroatien derbäi komm. Mir sinn also elo zu 28 an der NATO. A wa Montenegro bis Member ass, da si mer natierlech zu 29.

D'NATO-Erweiderung vu Montenegro schreift sech an en eng Stabiliséierungspolitik um Balkan. D'Perspektiv vun engem NATO-Bäitrëtt an de Wëllen och vum Kandidateland, sech der euro-atlantescher Communautéit unzeschleissen, huet et dësem Land erlaabt, seng demokratiesch, politesch, ekonomesch an och militäresch Reformen ze accélérieren a se och ze konsolidéieren.

Et ass vläicht och nach wichteg ze erwänen, dass dës Länner och derfir musse suergen, dass den Traitement vun hire Minoritéiten den Direktive vun der OSCE ugepasst ass.

Säit 1999, nom NATO-Sommet zu Washington, gëtt et och ee sougenannte MAP. MAP steet fir „membership action plan“. Dat ass e Programm vu Berodung, wat d'Assistance technique ugeet, mam Objektiv, d'Kandidatelänner op eng eventuell Adhésioun virzubereeden. Dëst ass awer elo net eng einfach Oplëschung vu Bedéngungen, déi ze erfëlle sinn, mä et ass e Prozess, fir dass d'Länner eben hir Ziler, déi se am Plang hunn, och kënnen erreechen. Esou e MAP gesäit och kee fixen Délai vir, fir de Lancement vu Pourparleren, wat d'Adhésioun dann ubelaangt, an e MAP ass och keng Garantie fir eng Adhésioun.

Éier e Land awer iwwerhaupt invitéiert gëtt, fir esou e MAP, esou en „membership action plan“ ze maachen, gëtt et nach eng ganz Rëtsch aner Relatiounen a Programmer, déi d'NATO offréiert, wéi zum Beispill den „partnership for peace“, wou d'Länner hir Interopérabilitéit an hiert Wëssen iwwert d'NATO léieren an och hiert Wëssen iwwert d'NATO verbessert gëtt.

Am MAP kënnert et dann zu de regelrechte Reforme vun den Arméien, zum Renouveau vun hiren Équipement an och zu der Adaptatioun vun den Doktrinne vun hiren Arméien. De MAP gëtt individuell fir all Land erstallt an enthält och Reformen, déi iwwert de rengen militäreschen Aspekt erausginn, zum Beispill och de juristesche Volet betreffen. Montenegro ass



iwwregens am Dezember 2009 schonn invitéiert ginn, e MAP ze maachen.

Här President, léif Kolleeгинnen a Kolleegeen, Dir Dammen an Dir Hären Invitéen, Montenegro wëllt sech an déi europäesch an euro-atlantesch Strukturen integréieren, well et dodran eng Garantie gesäit fir d'Sécherheet, d'Stabilitéit, mä awer och fir d'Prosperitéit. Dës generell Ausrichtung vun der Politik a Richtung Europa gëtt och vun alle grouse Parteie gedroen a vun enger grousser Majoritéit och vun hire Bierger.

Och wann de Rhythmus vum Adhésiounsprozess an d'EU an deen an d'NATO net ëmmer deen nämlechten ass, esou gëtt et awer eng Rëtsch Gemeinsamkeiten. Béid favoriséieren eben d'Ëmsetze vun de wichtege Reformen um politeschen, wirtschaftlechen an eben natierlech och um Sécherheetsplang.

Erlaabt mer vläicht e puer Informatiounen iwwer Montenegro. Eng huet de President mer scho virdrun ewechgeholl, nämlech dass se bal esou vill Awunner hu wéi mir, e bësse méi, 625.000 sinn déi neisten Zuelen, déi ech fonnt hunn. An et ass e Land vu bal 14.000 km².

Ech mengen, Dir kennt also och all d'Geschicht, déi Montenegro nom Jugoslawien-Krich hat. Bis den 3. Juni 2006, wou et onofhängeg gouf, war et Deel vun der Communautéit Serbien-Montenegro, mä an engem Referendum hate sech d'Biergerinnen an d'Bierger fir d'Ofspaltung an eben d'Onofhängegkeet ausgeschwat. An de 15. Dezember 2008 dunn huet Montenegro offiziell seng Kandidatur gestallt, fir Member vun der Europäescher Unioun ze ginn.

Wichtig ass et vläicht ze ënnersträichen, dass Montenegro eng Arméi huet, déi a Friddenszäiten aus engem theoreteschen Effektiv vun 1.712 Zaldoten an 283 Memberen Zivillpersonal besteet, dass hir Truppe souwuel u Land, zu Waasser an an der Loft agéiere kënnen. Si stellen och 14 Leit bei der NATO-Afghanistan-Missioun mam Numm „Resolute Support“ a se sinn och bei verschiddenen EU-Missiounen wéi am Mali oder bei der EUNAFOR MED Sophia derbäi. Hir Ausgabe fir d'Défense leie bei 52,12 Milliounen Euro, soit 1,59% vum BIP vum Joer 2014. An et ass virgesinn, dass se op 1,82% vum BIP 2016 steige sollen, dat virun allem fir d'Modernisatioun vun den Équipementen ze realiséieren.

D'Preparatioun vu Montenegro fir dësen NATO-Bäitritt war e laange Prozess. Nieft de Reformen an der Défense an am Sécherheetssektor hu se och missen eng ganz Rëtsch vun demokrateschen Normen respektéieren. Si se virgaange géint Korruptioun an och d'organiséiert Kriminalitéit. Se hunn och hir Justiz reorganiséiert a se hu missen hir ëffentlech Verwaltung besserstellen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Invitéen, Montenegro ass net déi éischt fréier jugoslawesch Republik, déi der NATO bäitritt. 2004, wéi gesot, war et scho Slowenien an 2009 Kroatien. Ech mengen, d'Adhésioun vun dësen Länner huet awer eng staark symbolesch Dimensioun an deem Sënn, dass an deene Länner an den 90er Joren, wat jo nach net allze laang hier ass, nach e schreckleche Krich war.

Ech kommen zum Ofschloss. Nach ganz séier e puer Formalitéiten. Ech weess, et war fir jiddwereen heibannen e laangen Dag. Dëse Projet gouf den 2. August 2016 vum Ausseminister déposéiert. Den 19. September krute mer de Projet dunn an der aussepolitischen Kommission virgestallt, haten eng gutt an och eng wichteg Diskussioun iwwert dëse Bäitritt. An der Sitzung gouf ech dunn och zur Rapportrice vun dësem Projet genannt. Den Avis vum Statsrot, dee kouw de 15. November. En huet och keng Observatioun formuléiert a recommandéiert dann och d'Adoptioun vun dësem Projet. Mäi schrëftleche Rapport gouf den 23. November an der Kommission ugeholl. An ech sinn iwwerzeegt, dass den NATO-Bäitritt vun dësem Land e wesentleche Bäitrag zur Sécherheet a Stabilitéit an Europa leeschte wäert.

D'NATO, an dat wësst Der, mengen ech, alleguer, ass méi wéi e rengt Verdeedegungsbündnis. Se ass och eng breet ugeluechten transatlantesch Wäertegemeinschaft, déi op de Prinzipien vun Demokratie, individuell Fräiheet a Rechtsstaatlechkeet berout.

Dat gesot, hätt ech meng Aarbecht mat mengem mëndleche Rapport als Rapportrice hei ofgeschloss. An ech géif lech herno alleguerten, léif Kolleeгинnen a Kolleegeen, bieden, dëse Projet dann och ze stëmmen.

Merci fir d'Nolauschtenen.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Rapportrice. Dann huet d'Wuert den Här Jean-Marie Halsdorf, deen och eise Chef de délégation ass am NATO-Parlament. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Sou ass et. Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Invitéen, haut ass am Fong geholl de Vott vun dësem NATO-Bäitritt vu Montenegro fir eis eng Formalitéit, well den Artikel 10 vum Traité vun der NATO, dee gesäit vir, dass unanime mussen all d'Länner d'accord sinn, wann een anert Land soll bäitrieden. Montenegro ass dat 17. Land, wat elo dann... Also mir sinn dat 17. Land, dat votéiert, fir Montenegro an d'NATO opzehuelen.

Dass dat fir si am Fong geholl awer, fir dat Land eng aner Geschicht ass wéi fir eis, beweist, dass hire Chamberspräsident oder de President vun hirem Parlament haut hei bäi eis ass. A wann een dann och noliest, wéi wichteg dat heite fir si ass, dee Bäitritt ass, da versteet een am Fong geholl, wéi si hir Zukunft gesinn.

Si hunn am Joer 2006, et ass elo grad gesot ginn, hir Fräiheet kritt. Si sinn zéng Joer elo onofhängeg a si hu sech och direkt an hiren Agenda geschriwwen, fir de Bäitritt bei der NATO unzestriewen an duerno dann och eventuell an der EU de Bäitritt ze erreechen. Dat ass hiren Agenda.

Deen ass méiglech ginn, wéi 1994 zu Bréissel d'NATO decidéiert huet, fir eng Osterweiterung ze maachen an der Vergrësserung vun der NATO. Saitdeem sinn zwielef Länner aus dem Oste vun Europa bäigetrueden, wéi d'Madamm Rapportrice - där ech Merci soe fir hire gudder mëndlechen schrëftleche Rapport - gesot huet. Do si Slowenien a Kroatien derbäi, mä och Albanien, en Nopeschland, ass och schonn an der NATO a si sinn elo dat 13. Land, dat am Fong geholl da fräigeschalt gëtt, fir an d'NATO ze kommen.

D'NATO huet zwee Standbeen, mir hunn et gesot: ee Standbee fir d'Sécherheet vun den eenzelne Länner, den Artikel 5, dee spilt, wann eng Reaktioun kënn, wou een deen anerem hëllef. An dann awer och dee politesche Volet mat der Wäertegemeinschaft. An et ass wichtig, déi ëmmer nees ervirzeesträichen, mat dem Respekt fir demokratesch Normen, mat der individueller Fräiheet vum Einzelnen an dem Rechtsstat, déi mussen uewen op der Lee stoen, wann ee wëllt am Fong geholl NATO-Member sinn a wann ee westleche Wäerter sech verschreift.

Dat heescht dann awer och, géint d'Korruptioun kämpfen, géint déi organiséiert Kriminalitéit. Dat heescht, wéi d'Madamm Rapportrice dat och gesot huet, d'Justiz reorganiséieren an déi ëffentlech Verwaltung verbessern.

Mä zwëschent Realitéit an Theorie ass et wéi esou oft am Liewen net ëmmer d'selwecht. An ech wëll gären déi Klamer opmaachen a mer d'Fro stellen, wéi zum Beispill d'Türkei, déi och en NATO-Member ass, wéi et do ass mat dem Rechtsstat, mat den individuellen Fräiheeten a mat den demokrateschen Normen. Et ass sécherlech derwäert, emol eng Kéier dëst ze hannerfroen, a mir maachen dat jo och vun Zäit zu Zäit hei an der Chamber.

Tatsaach ass also, dass mer haut Montenegro an d'Famill vun der NATO erastëmmen.

Tatsaach ass, dass dat en éischte Schrëtt fir si ass, well si wëllen och, an dat kann een och noliessen, an d'PSDC, an der Politik vun der Sécurité an der Défense commune vun der EU sech aschreiwen, oder se hu sech déi och op den Agenda geschriwwen. Dat Ganzt soll eben zur Stabilitéit vum Balkan an och vun hirem Land bäidroen.

Wat mir opgefall ass, dat ass, dass si effektiv bal 2% vun hirem PIB elo scho fir Sécherheet ausginn. Mir wëssen alleguerten, dass an den USA en neie President kënn, dee senges Numm Trump heescht, an hie fuerdert vun den EU-Länner, och méi Suen auszegi fir d'Défense. Et muss een emol kucken, wéi dat da sech herno realiséiert.

Tatsaach ass, dass mer hei e klengt Land hu mat 650.000 Awunner, 5-mol esou grouss wéi Lëtzebuerg, dat also och versteet, dass dat heiten eng grouss Chance ass fir si, der NATO bäitrieden.

An dofir kann et och nëmmen esou sinn, dass d'CSV hiren Accord gëtt fir dëse Projet de loi, deen da soll dëse Bäitritt ratifizéieren. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Halsdorf. Den Här Angel huet d'Wuert.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Merci, Här President. Här Minister, léif Invitéen, och am

Numm vun der LSAP wëll ech der Rapportrice Merci soe fir hire gudder mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech wollt lech just hei soen, dass ech a menger laangjäregger Erfahrung als Member vum NATO-Parlament, wou ech ganz aktiv sinn an enger Kommission iwwert déi zivill Dimension vum der Sécherheet an iwwert d'Gouvernance démocratique, de Prozess vun der euroatlantescher Integratioun vu Montenegro ëmmer konnt verfollegen.

Et ass ugaange mam PFP, „partnership for peace“ 2006, an du mam Membership-Action-Plang 2010. Mir hunn do als Parlamentarier kënnen, mat de Kolleege vu Montenegro zesummen, gesinn, wéi si hir Institutionen, déi mat Sécherheet ze dinn hunn, hir Arméi, hiren Défense-Ministère, do eng ganz Rei vu wichtege demokratesche Reforme gemaach hunn an och vill Reforme gemaach hunn, wat d'Lutte géint d'Korruptioun an d'Criminalitéit organiséé betrëfft.

Montenegro mécht och mat bei „Resolute Support“, Montenegro mécht, genau wéi Lëtzebuerg, mat bei der EU TM Mali an och an der EUNAFOR MED Operatioun Sophia, wou mer jo dann zesummen als Lëtzebuerger och matmaachen.

Déi euro-atlantesch Integratioun vun de Länner aus dem Westbalkan, mengen ech, ass wichteg fir d'Stabilitéit, net nëmmen an där Regioun, mä iwwert déi Regioun eraus och fir ganz Europa. An dat erënnert eis drun, dass d'Integratioun vun Europa net nëmmen e wirtschaftleche Projet ass, mä och e Projet vu Friden, wat leider vill Leit an der Lescht vergiess hunn.

Déi aussepolitisch Kommission verfollegt awer och deen aneren Integratiounsprozess vu Montenegro, an zwar de Prozess an d'EU eran. Mir kréien all Joers déi Rapporten, d'Progrès-Rapporten.

A Montenegro ass och dat éischt Land, mat deem d'Europäesch Kommission deen neie System vu Bäitrittsprozess an Dialog ugefaangen huet, dee sech op dat Wesentlecht konzentriert a seet: dat Wesentlecht fir d'Éischt. Dat sinn déi wichteg Kapiteln 23 a 24 vun der Rechtsstaatlechkeet, d'Grundrecht, d'Stärkung vun den demokrateschen Institutionen, d'Reforme vun den ëffentleche Verwaltungen.

Dat si wichteg Reformen, déi an deem Land gemaach ginn, an dat ass e wichtege Incentive. An dofir kann ee sech nëmme freeën iwwert déi Efforten, déi gemaach ginn. Dee Rapport ass dëst Joer positiv ausgefall. Mä et gëtt awer och ënnerstrach, dass nach e wäite Wee och ze maachen ass. A mir wënschen de Kolleegeen aus Montenegro do ganz, ganz vill Erfolleg.

Ganz positiv an deem leschte Rapport war iwwregens dat exemplarescht Resultat vu Montenegro, wat säin Alignement zur PESC, zu der Politique européenne de sécurité commune ubelaangt: Do huet Montenegro sech zu 100% alle Positiounen an Deklaratiounen vun der Europäescher Unioun alignéiert.

Dat gesot, ginn ech och den Accord hei vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Angel. Den Här Graas huet elo d'Wuert.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, et ass fir eis als Demokratesch Partei ganz kloer, dass mer nach wie vor hannernt der NATO stinn. Dat ass fir eis e ganz wichtegt Verdeedegungsbündnis.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass d'NATO och nach aner Missiounen ze erfëllen huet. D'NATO dréit och dozou bäi, dass verschidde State kënnen awer besser de Wee a Richtung vun engem Rechtsstat fannen.

Elo kann ee sech natierlech d'Fro stellen, firwat mer haut jo soen zu enger neier Membership an der NATO vun engem Land wéi Montenegro. Dat gëtt den 29. Memberstat. Mä wann een d'Entwécklung vu Montenegro kuckt, da muss een awer do eng ganz Rei positiv Saache gesinn.

Ech wëll drun erënnere, Montenegro ass jo awer Member vun der OSZE. Montenegro ass och Member vum Conseil de l'Europe, wat also scho beweist, wat fir e Geescht sech an deem Land do entwéckelt huet. Mir gesinn also do schonn eng positiv Entwécklung. Mir wëssen, dass natierlech um Wee zu engem Rechtsstat, esou wéi mir dat gesinn, esou wéi mir d'Norme setzen, dass dat nach gewëssen Efforte wäert mat sech bréngen. Trotzdem ass et awer fir eis hei eng wichteg Décisioun, déi geholl gëtt.

D'NATO muss och an Zukunft staark bleiwen. Mir hoffen, dass och no den amerikanesche

Wahlen d'NATO nach wie vor wäert op de Support vun där anerer Säit an deem Mooss ziele kënnen, wéi dat de Moment de Fall ass.

Mir sinn och der Meenung, dass all déi Länner, déi a Fridde lieve mat hiren Noperen, éischter en Usproch hunn, fir kënnen Member vun der NATO ze ginn. Ech wëll och hei ofschléissend dann nach eng Kéier betounen, dass d'NATO, wéi gesot, awer och fir eis a Westeuropa eng ganz wichteg Missioun ze erfëllen huet.

Eise Stat, Lëtzebuerg huet och ganz grouss Efforten an deene leschte Jore gemaach, fir de Participatiounstaux eropzesetzen, wat mer begreissen. Ech wëll net op déi eenzel Detailer elo agoen. Mir hunn an deene leschte Wochen a Méint hei eng Rei Gesetzer gestëmmt, déi an déi Richtung ginn. D'Demokratesch Partei, d'DP, steet, wéi gesot, zu där Entwécklung.

An ech wëll awer och ofschléissend der Madamm Rapportrice, dem Claudia Dall'Agnol, Merci soe fir säin interessante mëndlechen an och schrëftleche Rapport. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Graas. Den Här Kartheiser an dann den Här Wagner.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Här President!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ah, entschëllegt! Entschëllegt, et gëtt och spéit fir mech. Den Här Adam huet d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech maachen et och kuerz. Ech wollt der Rapportrice Merci soen an och menge Virriedner, well si esou ausféierlech waren. Selbstverständlech si mir och frou, dass d'NATO ee Member kritt, dee vun der Gréisst hir zwar 5-mol esou grouss ass wéi Lëtzebuerg, mä vun der Awunnerzuel d'selwecht ass. An ech mengen, dat weist jo och drop hin, dass d'NATO net onbedéngt Montenegro brauch, mä dass Montenegro sech méi sécher spiert, wann et am Kader vun der NATO opgehuewen ass. Dat begreisse mer.

Ech ginn och elo net op d'Osterweiterung vun der NATO an. Ech mengen, mir kréien nach eng Kéier eng Interpellatioun, wou mer kënnen déi Saachen am Detail diskutéieren.

Et war awer e puermol d'Wuert gefall vun der transatlantescher Wäertegemeinschaft. An do wëll ech dann och derbäisoen, an ech ginn dem Här Halsdorf recht, dass mer eis do wierklech och mussen d'Fro stellen, wou Beispill: Wat geschitt an der Türkei? Se gehéiert och zu där transatlantescher Wäertegemeinschaft an et gëtt och nach aner Länner, wou mer eis musse Gedanke maachen. Dat solle mer dann och an deen Débat, dee mer kréien, bäifügen.

An domadder ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Excellences, Dir Dammen an Dir Hären, déi Fro, déi mer eis haut musse stellen, wa mer als Lëtzebuerger Parlament iwwert d'Adhésioun vu Montenegro ofstëmmen, ass natierlech déi: Erfëllt dat Land d'Konditiounen, fir an d'NATO ze kommen?

Et gëtt do dräi politesch lännerspezifesch Consideratiounen, déi mer mussen huelen. An do muss ee vläicht soen, dass d'NATO jo nom Enn vum Kale Krich och op en neie Wee gaangen ass an u sech den Niveau vun de Konditiounen, déi ee muss erfëllen, politesch eropgeschrauft huet. Et gouf 1995 eng Décisioun, dass déi Staten, déi bäikommen, mussen déi Principes fondamentaux vun der Allianz respektéieren, an dat wären dann d'Demokratie, de Respekt fir déi individuell Fräiheeten an de Rechtsstat.

An am Rapport vun der Madamm Dall'Agnol, fir deen ech hir nach eemol häerzlech Merci soen, ass et nach eng Kéier kloer gesot ginn, wier Montenegro «le système politique constitue une démocratie effective». Et ass also d'Appréciatioun vun eiser Regierung iwwer Montenegro.

An och am „membership action plan“ vun der NATO, dem sougenannte MAP, gëtt verlaangt, dass déi State mussen d'Demokratie, déi individuell Fräiheeten an de Rechtsstat respektéieren. A mir mussen eis also froen: Ass dat fir Montenegro de Fall?

Do muss ee verweisen op de Rapport vun Amnesty International fir 2015 an 2016, deen ënner anerem zu de Feststellungen kënn, dass d'Fräiheet vun der Press, dass d'Meenungsfräiheet net respektéiert sinn a Montenegro an dass de Stat e Recours excessif à la force mécht.



Dann huet Human Rights Watch viru Kuerzem e Brëif geschriwwen nach un de fréiere Premierminister, den Här Djukanović, mat Kopie och un de bäigeeuerten NATO-Generalsekretär, iwwert d'Détention vum Journalist Jovo Martinović. Mir hunn also eng Rei vu ganz fundéierte Mënscherechtsconsidérationen, wat Montenegro ueget.

Et schéngt eis net esou ze sinn, datt déi héich Konditiounen, déi d'NATO verlaangt, hei erfëllt sinn. A wa mer mat Recht iwwer State wéi d'Tierkei oder hei schwätzen, a wa mer eis awer beruffen op gemeinsam Erklärungen, deene mer och wëllen eng gewësse Kredibilitéit ginn, da musse mer feststellen, datt Montenegro déi Konditiounen op jidde Fall bis elo nach net erfëllt.

Eng drëtt politesch Considération ass déi, datt et muss eng breet politesch Zoustëmmung fir de Baitrëtt vun engem Land an d'NATO ginn. An do seet och de Rapport, deen d'Madamm Dall'Agnol eis hei virgestallt huet, am Numm vun de Parteien, déi d'Regierung droen, datt deen Objektiv, vun engem „large consensus“ huet se geschwat, et géif e breede Konsensus ginn an der Gesellschaft vun deem Land an de Forces politiques a Montenegro fir de Baitrëtt bei d'NATO.

An den 19. September hu mer an der Chamberskommission doriwwer geschwat. Do huet d'Regierung eis matgedeelt, datt dee breede Konsensus, wéi d'Madamm Dall'Agnol sech ausgedréckt huet, 58% vun der Populatioun sinn.

An den 29. November, dat ass ganz rezent, liese mer an der internationaler Press, datt de Baitrëtt vu Montenegro zur NATO zu grouse politesche Spannungen an deem Land geféiert huet an datt elo bei der Regierung vum Här Marković d'Ennerstëtzung am Parlament fir den NATO-Baitrëtt 41 vun 81 Deputéierte sinn. Manner ass net méiglech: 41 vun 81 Deputéierten! Dat ass net, wat mir nennen, de breede politesche Konsensus, deen eng Konditioun ass, fir kënne bäizetrieden.

Dann ass natierlech de strategesche Kontext ze kucken. Deen éischte Grundprinzip ass natierlech d'Fräiheet vun all Land, enger Sécherheetsallianz bäizetriede vu senger Wiel. Et ass awer och d'Méiglechkeet an d'Recht vun deenen, déi an enger Allianz sinn, fir hirersäits ze kucken, ob dat den allgemengen Interesse vun hinne selwer an och vun der Allianz am Allgemengen entsprécht.

Dat Éischt ass: Gëtt et wierklech eng Plus-value fir déi regional Stabiliséierung? Bon, déi ass vläicht präsent, wann een dat a méi e breede Kontext och vun enger EU-Erweiterung setzt, mä ech mengen, militäresch oder strategesch kann ee wuel kaum déi Argumentatioun féieren. Do ass den Notze marginal.

Déi gesamt europäesch Sécherheetssituatioun muss ee betruechten, souwuel d'Kredibilitéit vun der NATO, wat d'Memberschaft vun der Tierkei ueget. Dat ass wierklech eng wichteg politesch Fro, där mer eis musse stellen: Wéi eng Natur hu mer nach an eise Sécherheitsrelatiounen zu der Tierkei? Och compte tenu du fait, datt se militäresch d'Nopeschstate menacéiert, inklusiv Griichenland!

A wéi ass d'Konditioun oder wéi eng Répercussionen huet eng weider Extensioun vun der NATO och op eis Relatiounen mat Russland an anere Länner, déi awer fäerten, datt sech eng nei Stëmmung vu Kale Krich an Europa ëmmer méi ausbreet? An deem Sënn gëtt et och interessant, fir ze gesinn, wéi déi nei amerikanesch Administratioun sech géintwuer Russland positionéiert.

Da musse mer eis och ëmmer froen no der Präzedenzwirkung op d'Ukrain. Och do gëtt et jo Leit, déi mengen, d'Ukrain misst an d'NATO opgehoen ginn. Ass et richtig, e Land, wat net allen demokratesche Kritären entsprécht a wou et kee breede politesche Konsens gëtt fir e Baitrëtt, opzehuelen? Kann dat net eng negativ Präzedenzwirkung och op aner Länner hunn?

An déi lescht Konditioun, mä „last but not least“, ass d'Kredibilitéit vun der NATO. Mir als Lëtzebuerg, als treie Member vun internationalen Organisatiounen wéi der Europäescher Unioun, wéi der NATO, mussen eis Suerge maachen ëm d'Kredibilitéit vun deenen Organisatiounen, an deene mir Member sinn. Wa mer hei géife jo soen, wär dat vläicht zu engem Deel a Fro gestallt, wéinstens an eiser eegener Logik, an eisem eegene Bekenntnis zu deene Mënscherechter, vun deene mer awer ëmmer soen, datt mer se wëlle verdeedegen.

Zu dësem Abléck, wou mer haut hei schwätzen, kann d'ADR, also och, wa se am Prinzip d'accord ass, datt Montenegro eng Kéier an d'NATO, an d'Europäesch Unioun ka bäitrieden, mä zu dësem Abléck, wou mer haut hei schwätzen, schéngen eis déi néideg Virkondi-

tiounen, besonnesch am Beräich vun de Mënscherechter, net erfëllt ze sinn. An dofir wäerte mir géint dee Baitrëtt stëmmen.

Villmools Merci.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. An als leschten age-droene Riedner huet den Här David Wagner d'Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Sait der däitscher Réunificatioun viru 25 Joer huet sech d'Memberschaft vun der NATO quasi verduebelt, vu 16 am Joer 1990 op haut 28 Memberstaten. Haut stëmme mer iwwert de Baitrëtt vum 29. Memberstat of, Montenegro.

Mat de Baitrëtter vun de sougenannte Vise-gradstaten, de baltische Länner, Rumänien, Bulgarien, Slowenien an 2009 vu weidere Balkanlänner wéi Kroatien an Albanien gehéiert en ëmmer méi groussen Deel vum Osten a Südoste vun Europa zu engem Militärbündnis, dat militäresch, finanziell an technologesch sengesgläiche sicht a Russland op der Kaart ëmmer méi no réckelt. An dat obwuel et no der Réunificatioun vun Däitschland en „gentlemen's agreement“ tëschent der NATO a Russland gouf, datt d'NATO Russland net op de Pelz réckele géif. De Géigendeel ass awer geschitt!

Déi stänneg Erweiterunge sinn Deel vun der interner Dynamik vun engem Militärbündnis. Nom Verschwanne vum grouse Feind, der Sowjetunioun, muss d'NATO hir Existenz nei legitiméieren. A se mécht dat ebe mat deenen Erweiterungen an der Sich no ëmmer neien Aktivitéiten. Eng global Strategie fir méi Sécherheet a Kooperatioun ze erreechen, spillt dobäi guer keng Roll, entgéint deem, wat ëmmer behaupt gëtt.

Am Géigendeel! Dës Politik, déi vun anere State primär emol als Bedroung wouergehoen gëtt, féiert zu massive geopolitischen Destabiliséierungen an Europa. Déi ëmmer méi aggressiv Haltung vu Russland, déi sech besonnesch staark an der Ukrain gewisen huet, ass sécherlech och als eng direkt Konsequenz vun der NATO-Expansioun no Osten ze gesinn.

Här President, mat Montenegro steet elo e politesch ganz brisante Baitrëtt un. Mat der Republik Montenegro trëtt näamlech e Land bäi, deem seng Bevëlkerung virun 20 Joer vun eben deem NATO-Bündnis och bombardéiert gouf. Dat erkläert och, firwat d'Majoritéit vun der Bevëlkerung géint eng NATO-Memberschaft ass. Et waren och vill Manifestatiounen a Montenegro. Dat ass guer net esou einfach iwwert d'Bün gaangen, wéi dat sech duerstellt. Dat Land ass u sech méi destabiliséiert gi wéi soss eppes.

D'montenegrinesch Regierung weess dat och an huet sech och dowéinst mat Hänn a Féiss géint e Referendum gewiert. Sou vill zu den demokratesche Gepflogenheeten innerhalb vun den NATO-Memberstaten!

De Baitrëtt vu Montenegro an enger onstabiler Regioun ass awer och sécherheetspolitesch ganz bedenklech. Andeem näamlech e weidere Balkanstat der NATO baitrëtt, gëtt an där Regioun mat villen ongeléiste Konflikter weider Uelech op d'Feier geschott. Während op där enger Sait Kroatien massiv vun den USA mat neie Rakétesystemer beliwwert gëtt, reagéiert Serbien mat verstärkter Oprüstung mat Hëllef vu Russland. Albanien a Rumänien ginn och opgerüst. A virun net allze laanger Zäit goufen US-amerikanesch Atomwaffe vun der Tierkei a Rumänien verluecht, wou se elo vill méi no u Russland stationéiert sinn.

Dernieft kënnt derbäi, datt et net nëmmen tëschent State Konfliktpotenzial gëtt, mä et a ville Staten um Balkan och intern komplizéiert Konflikter gëtt, déi och duerch d'europäesch Äntwert op d'Wirtschaftskris weider verschäert ginn. Dat ass och a Montenegro net anescht, wéi déi wochelaang Protester no der Ukënnung vum NATO-Baitrëtt virun e puer Méint gewisen hunn.

Här President, ech liese ganz gären den Orwell, an am Buch „1984“ gëtt gesot, datt Krich Fridde wier a Fridde wier Krich. Mir liewen an enger Zäit, wou d'Begrëffer verdréit ginn a vun hirer Substanz entleert ginn. Mir sinn der Meinung, datt déi expansiv Politik vun der NATO keng Stabilitéit a keng Sécherheet brénge kann. Am Géigendeel!

Ech sinn och frou, datt Seng Exzellenz, de President vum Parlament vu Montenegro do ass, well et soll kloer sinn, datt mir als déi Lénk der Meinung sinn, datt dat och net der montenegrinescher Bevëlkerung zeguttkënn. Dat permanent Säbelrasseln an déi ongebremschte Rüstungsspiral an Europa féiere villméi zu engem Gefill vun Onsicherheit a wuessendem Mëss-trauen, wouduerch et kooperativ Léisungen net nëmme bei der Sécherheet, mä och bei anere

Froen ëmmer méi schwéier kréien an d'Gefor vu bewaffnete Konflikter a Wierklechkeet an Europa méi grouss gëtt!

Et wonnert mech, mat wat fir enger Liichtegkeet déi geopolitesch Tensiounen hei klenggeriet ginn, wann iwwerhaupt guer net ugeschwat ginn oder ganz wéineg.

De Baitrëtt vu Montenegro gesi mir als e weidert Element vun dëser geféierlecher Dynamik. An ech mengen, ech hunn e bëssen Ängscht, datt d'Zukunft eis och nach do wäert recht ginn.

Dofir wäerte mir als déi Lénk, u sech och gemeinsam mat der Majoritéit vun der Bevëlkerung a Montenegro, géint de Baitrëtt an d'NATO stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Et soll ee beweisen, datt et net stëmmt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Wagner. An Äis op de Kapp.

(*Hilarité*)

Den Här Finanzminister fir de verhënnerten Ausseminister huet d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Här President, Excellences, léif Deputéierten, ech si vum Jean Asselborn effektiv gefrot ginn, hei anzesprangen. Ech maachen dat och ganz gären.

Ech si frou, dass de Baitrëtt vu Montenegro an d'NATO hei eng grouss Zoustëmmung fënn. An dat erkläert sech och doduerch, dass de Baitrëtt zur NATO vu Montenegro eng gutt Saach fir d'NATO ass, awer och eng gutt Saach fir Montenegro.

Ech erkläre mech, firwat et eng gutt Saach ass fir d'NATO. Mir wëssen, dass déi militäresch Risiken an och déi net militäresch Risiken ëmmer zouhuelen an der Géigend vum Westbalkan, dass Terrorattacken och do ganz probabel sinn, an d'Cyber- an d'Hybridattacken och. Et ass also en Domän, wou d'NATO natierlech ganz hëllefträich ka sinn a wou et wichteg ass, dass natierlech de Perimeter vun der Aktioun vun der NATO ëmmer méi grouss gëtt. Dofir ass déi Erweiterung natierlech fir d'NATO eng ganz positiv Saach. Déi dréit dozou bäi, dass d'Ziler vun der NATO besser kënnen erreecht ginn, baséierend op der Solidaritéit, op der Kohäsion an op der Indivisibilitéit vun der Sécherheet vun der NATO.

Et ass och esou, dass et wichteg ass, dass déi nei Länner, déi baitrieden, natierlech net nëmme Responsabilitäten hunn, mä och Obligationen hunn. A mir gesinn, dass Montenegro do schonn aktiv war, andeem se scho bei NATO-Aktiounen wéi déi „Resolute Support“ Afghanistan Missiounen matgemaach hunn. Si hunn och als Montenegro scho matgemaach an enger Operatioun EU am Mali. Dat heescht, hei ass e Land, dat motivéiert ass a schonn agéiert huet.

Den zweeten Aspekt ass folgenden, dass natierlech dee Baitrëtt gutt ass fir Montenegro. An de Baitrëtt bréngt natierlech mat sech, dass d'Sécherheet vu Montenegro vill besser garantiert ass, zum éischten. An zweetens, dass d'demokratesch Valeuren a Montenegro méi groussgeschriwwen ginn. Fir iwwerhaupt Member ze ginn, muss een d'Wärter vun Demokratie, dem État de droit a vun den individuelle Libertéiten respektéieren. Dat mécht Montenegro haut. An dofir ass en iwwerhaupt qualifizéiert, fir an d'NATO eranzekommen.

Et ass och vläicht wichteg, ze ënnersträichen, dass den Effort vu Montenegro, an d'NATO eranzekommen, en parallèle ze gesinn ass mat den Négociatiounen, déi amgaange sinn, fir dass Montenegro soll an d'Europäesch Unioun kommen.

Mat der Gréisst vum Land a mat der Zuel vun Awunner huet Lëtzebuerg natierlech Gemeinsamkeete mat Montenegro an et versteet een natierlech och, dass e Land an där Hisiicht, wat seng Gréisst ubelaangt, sech natierlech op eng kooperativ Aart a Weis, eng international Aart a Weis wëllt a Saache Sécherheet, awer och a Saache Wirtschaft orientéieren.

I will finish my speech in English to greet very officially the President of the parliament of Montenegro and to say that in my Luxembourgish intervention I have just mentioned that becoming a member of NATO for you, Montenegro, is good for you, but it is also good for NATO. And I know that your parliament has played a very important role in making sure that this membership happens. I am glad to see that we have a broad support here in the parliament, so that Luxembourg can become the 17th country to say yes to your membership in NATO. Welcome!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Finanzminister.

Ech si ganz frou, dass de Kolleeg Chamberspräsident aus Montenegro gesinn huet, dass mer e Parlament hunn, dat net einfach Jo seet, mä dat all d'Facettë vun engem Dossier belicht. Bonne Chance sengem Land um Wee an d'NATO! An de Wonsch, dass net nëmme de Musterschüler viséiert ass a Saache Verdeedegung, mä och de Musterschüler a Saache Valeurs fondamentales gesicht gëtt.

Domat kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7029 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7029 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

Kolleegen, wann ech gelift nach eng Sekonn, nach e puer Minutte sëtze bleiwen, well mer hunn nach e Punkt ze behandelen. Et gëtt nach eng Motioun deponéiert.

Mir hu folgend Resultat vum Vott: 60 Ofstëmmungen, 55-mol Jo a 5-mol Neen. Mat grousser Majoritéit ass also de Baitrëtt vu Montenegro an d'NATO vum Lëtzebuurger Parlament guttgeheescht.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Marcel Oberweis), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Si mer d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(**Assentiment**)

Merci villmools. Dann ass dat esou décidéiert.

An dann huet den Här Mosar d'Wuert fir den Dépôt vun enger Motioun. Här Mosar!

5. Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, während mir de Mëtteg hei intensiv iwwert d'Steierreform debattéiert hunn, ass op e puer dausend Kilometer vun eis ewech amgaangen, eng humanitär Kris vun enger extrem graver Enver-gure sech ofzespillen zu Aleppo. An ech mengen, Dir alleguerten hutt och d'Biller oder gesitt Der all owes déi grausam Biller op der Télee vun der ziviller Bevëlkerung, ganz besonnesch och vun de Kanner.

An d'Madamm Samantha Power, amerikanesch Ambassadrice bei der UNO, huet gëschter deklaréiert, Aleppo wier d'Enn vun der Mënschlechekeet. Dat ass also eng Situatioun, wéi mer se seltenst bis elo gesinn hunn.

An duerfir, mengen ech, géif et eis och gutt zu Gesiicht stoen als Chamber, wa mer dozou géifen eng Motioun verabschieden. Ech wäert hei am Numm vu menger Fraktioun déi Motioun déposéieren. Bis elo steet awer just mäin Numm drop. Ech ginn dovun aus, datt och all déi aner Fraktiounen déi Motioun do wäerte matdroen.

Motion

La Chambre des Députés,

- consternée par la situation dramatique et tragique à Alep après une guerre civile meurtrière qui